PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.

Duerch d'Akraafttriede vum EU Reglement 883/2004, dee virgesäit, dass eng Persoun net méi wéi 25% vu senger Aarbechtszäit ausserhalb vum Land vu sengem Employeur dierf schaffen, koum et zu grousse Veronsécherungen am Transport-Secteur. De Reglement gouf och schonn am Abrëll/Mee 2021 vum LCGB an der Fédération européenne des travailleurs des transports kritiséiert. Eng Réi Chauffeure vu Bussen a Camionen hunn hier Affiliatioun bei der CCSS duerch dëse Reglement verluer.
Elo ass et esou, dass de Reglement awer och eng Ausnam virgesäit. Wann sech Memberstaaten nämlech entscheeden, fir ee bilateralen Accord an deem Sënn anzegoen, kënnen d'Chauffeuren am Land vum Employeur verséchert bleiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. An der Äntwert op d' Fro n°3932 huet den virreschte Minister erkläert:

   > *"Lëtzebuerger Autoritéite [haten] scho bei Akraafttriede vum Reglement 883, also viru ronn 11 Joer, Kontakt mat de Nopeschlänner opgeholl fir en Accord ze fannen, deen eng dauerhaft Léisung fir den Transportsecteur wär. Dës gouf awer vun de verschiddene Länner refuséiert. Zënterhier huet sech d'Positioun vun deene Länner och net grondleeënd geännert ewéi d'Echangen op verschiddenen Niveauen iwwer déi lescht Joren erginn hunn."*

   Steet de Minister weiderhi mat sengen Homologen a Kontakt, wat een Accord zum Reglement 883/2004 ugeet, a ginn hei weider Efforten an dës Richtung gemaach?

2. Wéi vill Chaufferen hunn hir Affiliatioun bei der CCSS opgrond vun dësem Reglement verluer? Konnten dës Persounen all an aneren Länner nei verséchert ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député